**Budgetsried – Budget 2018**

**Pierre Gramegna, 11.10.2017**

**Seul le discours prononcé fait foi**

*"Fir eng modern a solidaresch Gesellschaft"*

Här President,

Dir Dammen an dir Hären,

Léif Kollegen,

Liewensqualitéit, Kompetitivitéit a Kontinuitéit.

Dat sinn déi 3 Wieder mat deenen een de Budget 2018 zesummefaassen kann.

Et ass ee Budget vun der **Liewensqualitéit**, well de Schwéierpunkt op Mesure läit am Intérêt vun de Familien, vun de Kanner, vum Ëmweltschutz, vun der Solidaritéit an der Gesellschaft a vun der Sécherheet.

Et ass ee Budget vun der **Kompetitivitéit**, well en d'Weiche stellt, fir dass eis Wirtschaft och an Zukunft nohalteg wuesse kann, Aarbechtsplaze schaaft, an d'Recettë generéiert, déi mer brauche fir eis Sozialsystemer ze finanzéieren.

Et ass deemno och ee Budget vun der **Kontinuitéit**, well en déi Politik, déi d'Regierung iwwert déi lescht Joren op d'Schinne bruecht huet, weider konsequent ëmsetzt. Et ass also ee Budget mat deem mir **zesummen d'Zukunft virbereeden**.

**Zuele léien net**, an den **Historique vun de leschte Joren schwätzt eng kloer Sprooch**. Mir hunn d'Kris zesummen gemeeschtert, an **eis Staatsfinanzen stinn op zolitte Féiss**. D'Perspektiven fir déi nächst Joren si gutt.


Ech wëll a mengem Discours de Moien op **4 grouss Froen** äntweren:

- A wéi ee Kader schreift sech dëse Budget an ?
- Wat sinn d'Schwéierpunkten vum Budget 2018 a vum Budget pluriannuel ?
- Wat sinn d'Zuelen, déi ënnert dem Strëch erauskommen ?
- Wat sinn d'Perspektiven fir d'Zukunft ?

*Ech wäert meng Presentatioun de Moien no de Regelen vun der europäescher Comptabilitéit, dem SEC 2010 maachen. Dat ass dat, wat Bréissel kuckt, an dofir och dat, wat zielt. Sou kënne mer dann och Äppel mat Äppel a Bire mat Bire vergläichen.*

## I. A wéi ee Kader schreift sech dëse Budget an ?

Wéi ech 2013 als Finanzminister ugetruede sinn, hunn **d'Projektioune vum Comité de Prévision** gewisen, dass mer 2016, wa mer näischt maache géifen, bei enger Staatsschold vun 15 Milliarden oder 29,2% vum PIB leie géifen. Lëtzebuerg huet deemools riskéiert, déi europäesch Kritären net méi ze respektéieren.





Virun e puer Deeg hunn ech an der Cofibu **de Compte général vum Joer 2016** virgestallt. **D'Resultat schwätzt fir sech selwer**. D'Schold louch bei just 11 Milliarden oder 20,8% vum PIB.

Wann een **den Historique mécht vun de Budgeten 2014, 2015, 2016**, da stellt een 3 **grouss Tendenze** fest :

1) Des Regierung leet **den Accent konsequent op d'Investissementer**, fir d'Land op d'Zukunft virzebereeden. Par rapport zur leschter Legislaturperiod gouf et vill nozehuelen, a lues a lues gesäit een och d'Resultater vun där Politik, nët nëmmen an den Zuelen, mä och am Alldag.

2) Trotz dësen héijen Dépensen hu mir et Joer fir Joer fäerdeg bruecht, ee **bessert Resultat** virzeweisen, wéi dat, wat am Budget virgesi war. Net, well d'Recetten onerwaart vill méi héich gewiescht wäre wéi virgesinn, mä virun allem well **d'Dépense vum Staat absolut am Grëff** sinn. Sou konnte mer d'Joer 2016 bei der Administration Publique een Iwwerschoss vun +865 Milliounen Euro verzeechnen, +596 Millioune méi wéi am Budget virgesinn.

De Verglach mat de Projektiounen vun 2013 schwätzt eng kloer Sprooch :




D'Joer 2017 ass wuel nach amgaang, mä d'Zuelen vun den 3 éischten Trimestere weisen och do, dass **d'Resultat wahrscheinlech besser** ausfale wäert, wéi am Budget virgesinn.

Während een d'lescht Joer nach unhuele konnt, dass mer bei der **Administration Centrale** dëst an d'nächst Joer ronn eng Milliard Defizit schreiwe kéinten, bleiwe mer den aktuellen Zuelen no **däitlech drënner**. Dëst weist och, dass d'Regierung, anescht wéi vun der Oppositioun behaapt, bei hiren Projektiounen ëmmer virsiichteg bleift.

3) **D'Staatschold konnt stabiliséiert ginn**, an dat wäit ënnert der Limite vun 30%, déi am Regierungsprogramm fixéiert gouf.

**D'Regierung huet et also fäerdeg bruecht d'Staatsfinanzen iwwer déi lescht Joren erëm op zolitt Féiss ze setzen.** Dat soen net ech alleng.

Zu där selwechter Konklusioun kënnt och **d'Europäesch Kommissioun** am Kader vum 'Semestre Européen'. All déi grouss **Rating Agencen** gesinn dat genee sou. Réischt leschte Mount ass **den AAA** vu Lëtzebuerg vun den Agencen Standard & Poor's an DBRS confirméiert ginn. D'Agencen ënnersträichen dobäi, dass d'Perspektiven fir Lëtzebuerg gutt sinn, an si dovunner ausginn, dass sech d'Staatsfinanzen och an Zukunft positiv entwéckele wäerten.

Des gutt Entwécklung erkläert sech <u>duerch 2 Faktoren</u> :

- Zum engem, déi **strukturell Mesuren**, déi des Regierung iwwer déi lescht Joren an d'Wee geleet huet, an déi elo hier Wierkung entfalen ;
- Zum aneren, dat **favorabelt ekonomescht Ëmfeld**.

Natierlech ginn et **awer och Risiken**.

*Loosst mech fir d'éischt op dat aktuellt Ëmfeld agoen, éi ech dann déi verschidde Risike beliichten.*

## 1) Dat aktuellt ekonomescht Ëmfeld:

Lëtzebuerg ass eng vun den oppensten Ekonomien op der Welt. Alles wat ronderëm eis geschitt huet een **direkten Afloss** op déi ekonomesch Situatioun zu Lëtzebuerg. Wann et der Weltwirtschaft gutt geet, geet et och Lëtzebuerg gutt. An dat ass momentan de Fall.

D'OCDE an den FMI rechne weltwäit dëst Joer mat 3,5% Wuesstem, géingt 3% d'Joer virdrun.

An der Eurozone verzeechne mer mëttlerweil dat **17t Trimester hannertenee Wuesstem**.

**D'Vertraue vun de Consommateuren**, ass haut, och zu Lëtzebuerg, sou héich wéi säit 10 Joer net méi.

Laut der OCDE an der Europäescher Commissioun zéien och déi **privat Investissementer** rëm un.

De Statec rechent domatter, dass den Wuesstem an der Eurozone dëst Joer weider unzitt, an dann 2018 liicht erofgeet. **Fir Lëtzebuerg rechent de Statec** 2017 mat engem Wuesstem vu bis zu 3,4% vum PIB; 2018 mat bis zu 4,4%.

Och **d'Inflatioun** zitt rëm liicht un. No 0,3% am Joer 2016, louch se op déi éischt 8 Méint vun dësem Joer bei 1,8%, a soll 2018 bei ronn 1,6% leien.

De Statec geet dovunner aus, dass **d'Zënsen** 2018 weider niddereg bleiwen, an **d'Aktiemärt** weider klammen, wat eng gutt Noriicht fir Lëtzebuerg ass, well dat een direkten Afloss op d'Recetten aus der Taxe d'Abonnement huet. Méi laangfristeg mengt de Statec awer, dass d'Zënsen rëm progressiv wäerten unzéien.

De Statec geet och vun enger **weider positiver Entwécklung um Aarbechtsmaart** aus. Dat heescht et ginn zu Lëtzebuerg och d'nächst Joër ronn 3% méi Aarbechtsplaze geschaf. Méi Aarbechtsplazen, dat heescht och **méi Chancen** fir all Jonken, een Job ze fannen, deen zu him passt.

Parallel dozou rechent de Statec domatter, dass och **de Chômage weider erof** geet, vun 6,4% 2016 op 5,9% dëst Joer an 5,6% 2018. Dat ass ee vun den niddregsten Tauxen an der EU. Dat sinn net just Statistiken, dat sinn **vill Leit**, déi aus dem Chômage zréck an d'Aarbechtsliewe fannen.

Wien **d'Zuelen vum Statec Joer fir Joer matenee vergläicht**, gesäit, dass déi zum Deel substantiell variéieren. Am Fréijoer 2017 hat de Statec fir 2018 nach mat 4,8% Wuesstem vum PIB gerechent, elo huet en déi Zuel op 3 bis 4,4% beziffert. All déi, déi fannen, dass et zu Lëtzebuerg zevill Wuesstem gëtt, missten also zefridde sinn.

Mä schonn a sechs Méint kann d'Situatioun **rëm anescht ausgesinn**, an et ass net ausgeschloss, dass de Statec seng Zuele da rëm no uewen upasst, sou wéi mer dat an der Vergaangenheet schonn e puer mol gesinn hunn.

D'Budgetspolitik ka sech also **net nëmmen un dëse kuerzfristege Variatiounen orientéieren**, mä muss virun allem no deene **laangfristegen Entwécklunge** kucken.

Des Regierung mécht dofir keng Politik **fir déi nächst Wahlen, mä fir déi nächst Generatioun**.

## 2) Risiken

Zu enger verantwortungsvoller Politik gehéiert et, net nëmmen déi kuerzfristeg Risike ze kucken, mä och d'Erausfuederungen, déi an deenen nächste Jorzéngten virun eis leien.

### a. Kuerzfristeg Risiken

- D'Secherheetslag ronderëm d'Welt ass ëmmer nach fragil. D'Situatioun an **Nordkorea** an am **Noen Osten** kann zu all Moment eskaléieren. An all Dag besteet iwwerall op der Welt weider de Risiko vun enger **Terrorattack**.
- Mä et däerf ee sech vun dëse Risiken awer net dreiwe loossen.
- Des Risike sinn och net nei. Dofir soll ee sech och net vun **Krichsrhetorik** zevill beandrocke loossen. Leit wéi eisen Ausseminister Jean Asselborn hu recht, fir op den Dialog ze bauen. Hannert de Kulissen schaffen all Dag Diplomaten dorunner, eng **friddlech Léisung** ze fannen.
- Eng Terrorattack ass eng Tragedie fir déi betraffen Leit, mä eis westlech Gesellschaften hu geléiert domatter ëmzegoen. Mir loossen eis net vun Terroriste soen wéi mir ze liewen hunn. An dofir ass d'Wirtschaft vun deene leschten trageschen Evenementer net sou vill beaflosst ginn, wéi een hätt fäerte kënnen.

**b. Mëttelfristeg Risiken**

- De wiertschaftlechen Erfolleg vu Lëtzebuerg ass enk verbonnen mat der **europäescher Konstruktioun**. Ouni den europäesche Bannemarché hätt Lëtzebuerg weder seng Stolindustrie, nach seng Finanzindustrie an deem Mooss entwéckele kënnen, wéi dat bis haut de Fall ass. Dofir ass et fir Lëtzebuerg wichteg, dass d'Europäesch Unioun och an Zukunft **international kompetitiv** bleift. An de leschte Méint hu mer allerdéngs eng Rei Initiative gesinn, déi dat potentiell a Fro stellen :

- **<u>An der Regulatioun vun de Finanzmarcheeën.</u>**

  Den 20. September dëst Joer huet d'Europäesch Kommissioun ee Projet virgeluecht iwwer **d'Reform vun der Surveillance iwwer d'europäesch Finanzmarcheeën**. Doranner ass ënnert anerem virgesinn, d'ESMA, déi hire Sëtz zu Paräis huet, op Käschte vun den nationalen Autoritéiten ze stäerken. Et muss een awer feststellen, dass d'Fongenindustrie, anescht wéi d'Banken, gutt duerch d'Finanzkris komm ass. De System, sou wéi en haut opgestallt ass, fonctionnéiert gutt. Souguer der Kommissioun hier eege **Consultation publique** ass zu där Conclusioun komm. An awer wëllen si dee System elo änneren. Do soll also **ee Problem geléist ginn, deen et net gëtt**. De System géif doduerch méi komplizéiert ginn, méi lues, a méi deier. An anere Wieder : manner attraktiv fir international Investisseuren. Wann een awer weess, dass zum Beispill iwwer d'Halschent vun de Fongen, déi an Hong Kong verkaf ginn, europäesch UCITS Fonge sinn, da versteet een, dass de Projet vun der Kommissioun riskéiert déi

europäesch Finanzzentren, an domatter och Lëtzebuerg, ze schwächen, zu Gonschten vu Plazen wéi New York, Dubai, Singapur an nom Brexit och London.

Dëst Virgoen vun der Kommissioun ass ëmsou méi bedenklech, wann ee weess, dass si an hire Projet spezifesch Dispositioune mat afléisse gelooss huet, iwwer déi si d'Memberslänner **am Virfeld ni consultéiert huet**.

Ech hu schonn am Juli am Kader vun der Diskussioun iwwer d'Zukunft vun der Wirtschafts- a Währungs-Unioun hei an der Chamber gesot, dass Lëtzebuerg **staark Bedenken** huet, wat **nei Kompetenzen fir d'ESMA** ugeet, an déi lescht Entwécklungen ginn eis recht.

Lëtzebuerg ass a bleift der Meenung, dass an all dëse Froen de **Subsidiaritéitsprinzip** muss spillen, an alles, wat op nationalem Niveau gutt fonctionnéiert och soll op nationalem Niveau geregelt bleiwen.

D'Regierung bleift also engagéiert, fir dass dee Projet, an där Form wéi de Kommissär Dombrovskis en virgeluecht huet, substantiell iwwerschafft gëtt, an **déi grouss Erfollegsgeschicht vun der europäescher Fongenindustrie** och an Zukunft ka weidergeschriwwe ginn.

- **<u>An der Besteierung vun den Entreprisen</u>**

Lëtzebuerg deelt d'Meenung vun deene meeschte Länner an der EU, dass d'Entreprisen, op grouss oder kleng, hire faire Bäitrag zu de Recette vum Staat solle leeschten, an sech net laanscht d'Steier drécken däerfen.

Lëtzebuerg deelt och d'Meenung dass eis aktuell Regelen net ëmmer adaptéiert sinn, fir déi nei an **innovativ Business-Modeller**, déi um Internet baséieren,

richteg gepaakt ze kréien. Lëtzebuerg ass dofir bereet, mat op de Wee ze goen, fir iwwer nei Léisungen nozedenken.

Mä Lëtzebuerg ass awer **net mat simplisteschen, kuerzsiichtege Léisungen** averstan, déi Europa international manner kompetitiv maachen. Lëtzebuerg pocht op de Respekt vum globale **Level- Playing- Field** a plädéiert dofir, dass déi Diskussiounen um Niveau vun der OCDE gefouert ginn, wou och déi Länner mat agebonne sinn, besonnesch d'USA, wou déi meescht Internet-Firmen doheem sinn.

Virun enger Woch huet d'Europäesch Kommissioun hir Décisioun bekannt gemaach, laut där eng vun deene groussen Internet-Firmen, déi hiren europäesche Siège zu Lëtzebuerg huet, Staatshëllef kritt hätt. Meng Servicer sinn amgaang déi Décisioun am Detail ze analyséieren, an d'Argumentatioun vun der Kommissioun ze préiwen. D'Regierung hält sech **all juristesch Optiounen op.**

Soulaang déi Prozedur nach net ofgeschloss ass, kann dee Montant vu ronn 250 Millioune, vun deem d'Kommissioun der Meenung ass, dass e misst zréckbezuelt ginn, och net an de Staatsbudget iwwerwise ginn, mä muss **op engem separate Konnt** bleiwen.

Ech wëll och nach emol ënnersträichen, dass d'Décisioun vun der Kommissioun **dee lëtzebuerger Steierregime net a Fro stellt, a sech d'ailleurs op eng Period tëscht 2006 an 2014 bezitt. Säitdem huet des Regierung** eng ganz Rei Reformen op de Wee bruecht, fir déi Matière méi genee ze regelen, an d'Lëtzebuerger Gesetzer un déi nei international BEPS Regelen unzepassen.

Dat war ee **ganz kloere Broch mat der Politik vun der virechter Regierung**, déi eng reng defensiv Approche hat. Wäre mir sou weidergefuer, wär Lëtzebuerg haut nach op ville schwaarze Lëschten, an als Finanzplaz <u>net méi</u> attraktiv. Vu **Fairness an Ethik** guer net ze schwätzen.

Ech well feststellen, dass déi Reformen eiser Wirtschaft net geschuet hunn. Ganz au contraire. Well mat BEPS ee weltwäiten Level Playing Field geschaf gouf - also déi selwecht Regele fir jiddereen gëllen - huet Lëtzebuerg keen Nodeel, mä kann op seng vill aner Stäerkte bauen, fir weider erfollegräich ze sinn.

Et ass aus dem selwechte Grond, wou d'Regierung konsequent géint de Projet vun enger Europäescher **Finanz-Transaktiounssteier** ass. Mir sinn net grondsätzlech géint déi Idee, mä halen drop, dass sou eng Steier dann op d'mannst um Niveau vun der OCDE ëmgesat gëtt, fir dass Europa sech net vis-à-vis vum Rescht vun der Welt manner attraktiv mécht.

D'Fiskalitéit ass nach laang net deen eenzege Faktor vun der Kompetitivitéit, mä si spillt awer eng Roll. Dofir ass et wichteg, dass Europa och op dësem Gebitt d'Konkurrenz an Amerika an Asien net ignoréiert.

*Dat bréngt mécht dann zu deene laangfristege Risiken fir d'Entwécklung hei am Land.*

**c. Laangfristeg Risiken**

*Kee vun eis huet eng Glaskugel, mä 2 Sujeten wäerten d'Welt wéi mer se kennen iwwer déi nächst Jorzéngten grondleeënd veränneren : de Klimawandel an d'Digitaliséierung.*

**<u>De Klimawandel</u>**

Dass de Klimawandel eng Realitéit ass gëtt kaum nach vun engem a Fro gestallt. D'Weltbank schätzt d'Käschten vun de Schied, déi doduerch verursaacht ginn op **520 Milliarden USD pro Joer**. Bis 2030 riskéiert de Klimawandel 100 Millioune Leit an d'Aarmut ze dreiwen, a potentiell zu Flüchtlingen ze maachen.

De Klimawandel geet eis also alleguer eppes un. **Lëtzebuerg iwwerhëlt Verantwortung**, an hëlt elo scho Mesuren fir dëser Entwécklung entgéingt ze wierken. Dozou gehéiere Mesuren wéi d'Schafe vun enger Klimabank fir eis Gebaier méi energiespuerend ze maachen, dozou gehéieren awer och Mesuren fir den **ëffentlechen Transport** auszebauen, a Mesuren déi d'Autofuerer an d'Firmen dobäi ënnerstëtzen op d'**Elektromobilitéit** ëmzeklammen.

Entreprisen, déi elektresch Autoen an hier Flott ophuelen, wäerten dofir vun enger neier **Bonification d'impôt** profitéiere kënnen.

Um Wee an eng reng elektresch Zukunft sinn **hybrid Autoen** eng sënnvoll Tëschenetapp. Dofir sollen Hybridautoen, déi net méi wéi 50g $CO_2$/km ausstoussen vun 2018 un och steierlech gefördert ginn, mat engem **Abattement vun 2500 Euro**.

Dee gréisste **Levier dee Lëtzebuerg awer huet fir zum Klimaschutz bäizedroen ass d'Finanzplaz**. Mam Luxembourg Green Exchange huet Lëtzebuerg haut schonn déi gréisste Bourse op der Welt op där nëmme gréng Obligatiounen quotéiert ginn. Och eis Fongenindustrie huet den Trend erkannt, an ass weltwäit d'Nummer een op deem Gebitt. Fir des positiv Entwéckelungen nach weider ze ënnerstëtzen investéiert de Staat 30 Milliounen an ee Projet mat der Europäescher Investitiounsbank, fir gréng Investissementer weltwäit weider ze promovéieren. Ech wëll op dëser Plaz och der Ëmweltministesch Carole Dieschbourg speziell Merci soen fir hir Energie a gutt Zesummenaarbecht op all dësen Dossieren.

Tëscht 2013 an 2018 huet des Regierung den **Niveau vun den Investissementer am Beräich vum Ëmwelt- a vum Klimaschutz** méi wéi verduebelt. Dat weist, dass mir d’Zeeche vun der Zäit erkannt hunn, a konsequent agéieren.

## <u>Digitaliséierung</u>

D’Transitioun an déi nei digital Era wäert net vun haut op muer geschéien, mä wa mer eis <u>elo</u> net drop virbereeden, riskéiere mer an e puer Joer iwwerrannt ze ginn.

Laut enger Étudë wäert d’Digitaliséierung vu Produkter an Servicer an Europa iwwer déi nächst 5 Joer bis zu 110 Milliarden Euro nei Revenuen schafen. Lëtzebuerg däerf d'Opportunitéit vun deem Kuch säin Deel ofzekréien net verpassen. Dofir ass d'Digitaliséierung <u>elo schonn</u> eng vun de Prioritéite vun dëser Regierung.

Een vun den Risiken, dee vill Läit beschäftegt ass, dass nei technologesch Innovatiounen d’Ofschafung vun Aarbechtsplazen kéint mat sech bréngen.

Verschidden Servicer wäerten iwwer déi nächst Joren robotiséiert an automatiséiert ginn. Mir gesinn dat an der Finanzbranche mat Fintech. Mir gesinn dat an der Mobilitéit, mat Autoen déi ouni Chauffer fueren. Hei muss virun allem an d'Weiderbildung investéiert ginn, fir deene betraffene Leit nei Perspektiven ze bidden.

Gläichzäiteg **entstinn nei Aarbechtsplazen**, a Beruffer, déi et virun e puer Joer nach guer net ginn huet. Grat dofir ass et sou wichteg déi jonk Generatioun elo schonn op des Changementer virzebereeden.

Grat dofir ass **een iPad an der Schoul** eng sënnvoll Virbereedung op d'Zukunft. Zu Singapour, dat jo ëmmer zu deene beschten am Pisa-Test gehéiert, hu se scho virun iwwer 5 Joer domatter ugefaang.

Fir d'Erausfuerderunge vun der Digitaliséierung ze meeschten, **investéiere mir massiv a Fuerschung, Bildung a Weiderbildung** :

- Am Kader vum Programm "**Digital4Education**" gouf eng nei Sektioun "i" fir Informatik an Mediewëssenschaften geschaf, déi an 3 Lycéeën uechter d'Land ugebueden gëtt. Bannent 5 Joer sollen et all d'Léiermaterialien och an enger digitaler Form ginn. Am Budget stelle mer déi néideg Moyen bereet, fir dass d'Idee vum "**Digitale Klassesall**" zu Lëtzebuerg an deene kommende Joeren Realitéit gëtt.
- Am Kader vum Programm **"Lëtzebuerg 2020"** hunn de Staat an d'Entreprisen sech engagéiert, bis 2020 op d'mannst 2,3% vum PIB an d'Fuerschung ze investéieren. **De Staat dréit säin Deel dozou bäi**, andeems en tëscht 2018 an 2021 iwwer 205 Milliounen zousätzlech an d'Fuerschung an an den Enseignement Supérieur investéiert. Alleng d'Dotatioun **fir d'Uni Lëtzebuerg** an

déi verschidde **Centres de recherche publics** wäert d'nächst Joer em 21,5 Milliounen eropgoen.

- Ech wëll och nach emol drun erënneren, dass d'Regierung dëst Joer een **neien IP Steier-Regime** op de Wee bruecht huet, deen d'Firmen dobäi ënnerstëtzt, zu Lëtzebuerg an **d'Fuerschung an an d'Entwécklung** ze investéieren.
- De Staat investéiert iwwert déi nächst Joren ausserdem 238,5 Milliounen an **d'Recherche an d'Innovatioun um Gebitt vun de Weltraum-Technologien**, dovunner alleng 120 Millioune fir d'Recherche am Kader vun der Initiative Spaceresources.lu. De Minister Etienne Schneider geet mat vill Pionéiergeescht un déi Saach erun. Och dat ass Nation-Branding.

D'Digitaliséierung ass **eng Erausfuerderung fir d'Entreprisen**.

- Fir si dobäi ze ënnerstëtzen hir Informatik op de leschten Stand ze bréngen, féiere mer 2018 eng nei "**bonification d'impôt pour investissements**" am informatesche Beräich an.
- Donieft ginn am Kader vum **Pakt Pro Artisanat** d'nächst Joer 850.000 Euro zur Verfügung gestallt fir den Handwierksbetriber bei der Digitaliséierung ze hëllefen. Och de Budget fir de **Pakt Pro Commerce** wäert an deem Sënn ugehuewe ginn.
- Donieft wäert de ganze **Regime vun den Aiden** um Gebitt vun der Recherche, der Innovatioun an dem Environnement, genee wéi d'Aiden fir Kleng- a Mëttelbetriber iwwerschafft ginn, a **bis 2021 am Duerchschnëtt all Joer 78 Milliounen** op dësem Gebitt zur Verfügung gestallt ginn. D'Dotatioun vum **Fonds de l'innovation** geet 2018 em 41 Milliounen erop.

- No knapps engem Joer ass de LHoFT, d'Luxembourg House of Financial Technology, **scho komplett ausgebucht**, sou dass en d'nächst Joer an déi nei Gebailechkeeten vum Luxembourg House of Startups plënnere muss, fir der grousser Demande nozekommen. **Seng Dotatioun gëtt dofir verduebelt**. Net all Start-Ups wäerten erfollegräich ginn, mä déi ënnert hinnen, déi et packen, kënnen an Zukunft substantiell Gewënner maachen an domatter och Steiere bezuelen.

De Staat verstäerkt och d'Efforten fir seng eege **Servicer ze digitaliséieren**. **D'Dotatioun vum CTIE** - dem Centre des technologies de l'information de l'Etat geet dofir +12,9 Milliounen Euro erop. An den **Single Window for Logistics** ginn weider 800.000 Euro investéiert. An och de Projet **"Paperless Justice"** bleift weider eng Prioritéit, genee wéi de **Projet "Infrachain"**, deen Applicatiounen entwéckelt, déi op der Blockchain-Technologie opbauen.

Dir gesitt also, dass d'Weiche gestallt sinn, fir Lëtzebuerg konsequent op déi digital Zukunft virzebereeden, an zu enger "**Smart Nation**" ze maachen.

*De Klimawandel an d'Digitaliséierung sinn 2 Froen, déi sech weltwäit stellen.*

*Méi spezifesch fir Lëtzebuerg stellt sech d'Fro vum **nohaltege Wuesstem.***


An de leschte Méint ass vu verschiddene Säite verstäerkt mat der **Angscht vun Leit virun engem 1,2 Milliounen-Awunner Staat** gespillt ginn.

**D'Realitéit ass**, dass Eurostat fir Lëtzebuerg neisten Zuelen no net 1,2 Millioune, mä "just" eng Millioun Awunner virausgesäit. An dat am Joer 2060. An 43 Joer. Dat ass ongeféier déi Awunnerzuel, déi d'Saarland schonn haut huet. D'Saarland huet bal genee déi selwecht Gréisst wéi Lëtzebuerg. Dat kann een also géréieren.

Leider ass bei eis **joerzéngtelaang verpasst ginn**, d'Infrastrukturen un déi wuessend Populatiounszuelen unzepassen. Dat si mer am Moment amgaang nozehuelen. Des **Regierung investéiert massiv**, fir d'Stroossen an den ëffentlechen Transport auszebauen, nei Schoulen ze bauen, an neie Wunnraum ze schafen.

Mä **och d'Entreprisen kommen net ze kuerz**. Bis 2021 wäert de Staat 65 Milliounen an den Ausbau vun den nationalen a regionalen Aktivitéitszonen investéieren, fir och an Zukunft déi néideg Plaz ze hunn, fir Handwierks- an Industriebetriber d'Méiglechkeet ze ginn weider ze wuessen.

**De Staat investéiert 2018 alles zesumme geholl 2,365 Milliarden Euro oder 4,1% vum PIB**, wat ongeféier dem Niveau vun 2017 entsprécht (2,415 Milliarden oder 4,4% PIB). D'Joren 2019 bis 2021 wäerten d'Investissementer da weider op engem **historesch héijen Niveau vun iwwer 2,5 Milliarde** bleiwen.




Dépenses d'investissements de l'administration centrale

Lëtzebuerg steet kuerz- a laangfristeg viru groussen Erausfuerderungen. Mä **mat enger Regierung déi no vir, an net zréck kuckt**, sinn all des Risiken och Chancen.

## II. Wat sinn d'Schwéierpunkten vum Budget 2018 a vum Budget pluriannuel ?

Här President,

Dir Dammen an dir Hären,

An der Politik muss een éierlech sinn. Et kann een **net alles a gläichzäiteg säi Géigendeel verspriechen**.

Et kann een net op där enger Säit wëllen, dass de Staat weider investéiert, an op där anerer Säit fuerderen, dass de Staat soll manner ausginn.

**Et kann een net manner Wuesstem wëllen, awer gläichzäiteg méi Recetten hunn**. Wie gäre manner Wuesstem hätt, muss och erklären, wou en da wéilt bei den Dépense kierzen.

**Wie manner Wuesstem an domatter manner Recette wëll, kënnt net dolaanscht d'Pensiounen kierzen ze goen**. D'Oppositioun weess dat, mä si gëtt et net zou.

Des Regierung wëll, dass och déi Generatiounen no eis net manner Usproch op eng Pensioun hunn, an dass de System och fir d'Zukunft geséchert ass.

D'Regierung wëll, dass déi Generatiounen no eis **net manner, mä méi Liewensqualitéit** hunn.

*De Staat investéiert nohalteg an **<u>eng modern a solidaresch Gesellschaft</u>**. Ech wëll dat un <u>12 konkrete Punkten</u> illustréieren :*


1. De Staat **investéiert an d'Kanner, fir hinnen déi beschtméiglech Zukunftschancen ze bidden.**

- Den Alter vun 1 bis 4 Joer ass decisiv fir déi weider Entwécklung vun engem Kand. Hei gëtt **d'Basis vum weideren Liewens- an Bildungswee** geluecht.
- D'Zäit tëscht 1 a 4 Joer ass awer och en wichtege Moment fir d'Léieren vun Sproochen. Kanner an deem Alter léieren Sproochen op eng spilleresch Aart an Weis, a saugen se op, ewéi en Schwamm.
- Dofir bitt de Staat säit dësem Oktober am Kader vun der Reform vun de "Chèques-Service" **eng gratis Kannerbetreiung a Sproochefërderung** un. De Staat investéiert 2018 an déi nei "Chèques-Service" **380 Milliounen**, also 36,2 Milliounen oder 10,5% méi wéi 2017. Hei spillt iwweregens och de **Kritär vun der sozialer Selektivitéit**, well d'Zuel vun de gratis Stonnen en Fonctioun vum Revenu vun den Elteren variéiert.

- **D'ëffentlech Schoul ass gratis**, esou steet et an eiser Verfassung. Am Fondamental ginn d'Schoulbicher dofir scho vun de Schoulen zur Verfügung gestalt. Am Secondaire ass dat nach nët de Fall. D'Ausgaben fir Schoulbicher leien an der Moyenne bei iwwer 300 Euro pro Schüler. Dat si grad fir jonk Familen vill Suen. **D'Regierung féiert dofir d'Gratuitéit vun alle Bicher an, déi obligatoresch um Schoulprogramm stinn.** Dofir sinn am Budget vum Joer 2018 **14,5 Milliounen Euro** virgesinn.

- Ech hu virdru schonn op d'Wichtegkeet vun den neien Technologien higewisen. Déi Digital Revolutioun ass eng Realitéit, op dat eis gefält oder net. Dofir investéiert de Staat d'nächst Joer **knapp 2,2 Milliounen Euro, fir 6000 Schüler mat engem iPad** ze équipéieren.

- Technologie ass awer ëmmer nëmmen een Hëllefsmëttel. Ouni gutt a genuch Léierpersonal kënne mer de Kanner näischt bäibréngen. **De Staat schaaft dofir 2018 iwwer 500 nei Posten,** am Enseignement an an der Kannerbetreiung.



- Global gesinn ginn d'Investissementer an d'Fonctionnementskäschten vun eise Schoulen vun 1,7 Milliarden am Joer 2014 op 2,2 Milliarden am Joer 2018, an dann op 2,4 Milliarden am Joer 2021 erop. Dat ass ee ganz kloeren Trend, deen dem Éducatiounsminister Claude Meisch säin Asätz fir ee bessere Bildungssystem ënnersträicht.

2. Zu enger gudder Liewensqualitéit gehéiert de richtegen **Equiliber tëscht dem Beruffs- an dem Privatliewen** :

- Den neie **Congé parental** trëfft op groussen Zousproch, an dat gesäit een och un der Evolutioun vum entspriechende Posten am Budget. Fir d'nächst Joer sinn **98 Milliounen zousätzlech** virgesinn, par rapport zu dem Programme pluriannuel 2016 – 2019.

3. D'Regierung weess awer och, dass eng Liewensqualitéit **mat enger gudder Wunneng ugeet** :

- De **Budget vum Ministère du logement** geet 2018 3,2% also 216,25 Milliounen erop. Dëst erkläert sech virun allem duerch eng Progressioun vun 19% oder 18,95 Millioune fir **d'Subventiounen vun Sozialwunnengen a Wunnengen à coût modéré**, déi vun der SNHBM, dem Fonds de Logement, an de Gemenge realiséiert ginn.
- Dem **Fonds de Logement** seng Dotatioun geet 2018 em 5,8 Milliounen erop.
- Zousätzlech 500.000 Euro ginn investéiert fir d'Schafen vun engem "**guichet unique logement**", fir de Bierger besser ze zerwéieren.

- Ech erënneren och drun, dass am Juli ee Gesetz déposéiert gouf, mat deem d'Critèren fir **d'Loyerssubventioun** ze kréien ugepasst goufen, sou dass an Zukunft nach méi Leit an de Genoss vun där Mesure an iwwert dee Wee un eng Wunneng um fräie Mart komme kënnen.
- Ech freeë mech och ze gesinn, dass ëmmer méi Leit hire bien der AIS (**Agence immobilière sociale**) verlounen, déi en dann wäit ënnert dem Marchéspräis weiderverlount. D'Loyeren déi de Propriétairë iwwert dee Wee erakritt sinn säit der Steierreform 50% steierfräi, fir dëse Mechanismus weider ze encouragéieren.
- Ech krut an der Lescht och d'Fro gestallt, op **d'Mesuren vum Quart-Taux op de Plus-Valuen**, déi dozou bäidroe soll, dass méi Immobilien op de Marché kommen, no 2017 verlängert soll ginn oder net. Et ass **haut nach ze fréi doriwwer eppes ze soen**. Wann d'Statistiken géingt Enn des Jores weisen, dass des Mesure efficace ass, da schéngt et mer awer sënnvoll se weiderzeféieren.

4. De Staat denkt awer net nëmmen un déi Jonk Famillen, mä och un déi **eeler Leit**. **70 Millioune** sinn am Budget tëscht 2018 an 2021 virgesinn fir den Ausbau vun Infrastrukturen fir den Drëtten Alter.

5. Am selwechte Sënn sinn iwwer déi selwecht Period och **63 Millioune** virgesinn fir den Ausbau vun Infrastrukturen fir eis **behënnert Matbierger**.

- E besonnesche Wäert gëtt ausserdem op Projeten gesat fir hinnen **besser Fräizäitméiglechkeeten** ze bidden, **d'Elteren vu behënnerte Kanner ze**

**ënnerstëtzen** an d'Formatiouns-Offer fir behënnert Leit weider ze verbesseren.

- Lëtzebuerg gëtt sech endlech d'Moyen'en fir d'international Verpflichtungen wéi d'UN-Konventioun fir d'Rechter vun de Mënschen mat Behënnerung ze erfëllen. Den Éducatiounsminister huet en ambitionéierte Projet virgeluecht fir **d'Inklusioun vun Kanner mat spezifesche Besoinen an eis Schoulen** ze erméiglechen. De Staat gëtt sech déi néideg Moyenen fir ronn 200 Leit zousätzlecht spezialiséiert Personal anzestellen, fir des Kanner optimal ze betreien.
- Eng wichteg Roll spillen **d'Ateliers protégés**, wann et dorëms geet, Erwuessenen mat enger Behënnerung ze hëllefen sech aktiv um Aarbechtsliewen ze bedeelegen. Dofir wäert de Staat och an deenen nächste Joren déi finanziell Moyen'en konsequent erhéijen. Alleng 2018 geet den entspriechende Posten 5,4 Milliounen erop.

6. Zu enger gudder Liewensqualitéit gehéiert och, **net all Dag wäertvoll Zäit am Stau** ze verléieren :

- **D'Aarbechten um Tram** komme gutt weider, a leien net nëmmen an der Zäit, mä och am Budget. Éischt Passagéier gi schonn dëst Joer iwwert de Kierchbierg transportéiert. Tëscht 2018 an 2021 ginn **weider 228 Milliounen** investéiert, fir den éischten Deel vun der Streck iwwert de Kierchbierg op de Glacis fäerdeg ze stellen, an duerno weider op d'Cloche d'Or an de Findel ze féieren.

- De **Fonds du rail gëtt 2018 mat 291,8 Millioune dotéiert**, fir den Ausbau op 2 Linnen vun der Streck tëscht Hamm/Polfermillen a Sandweiler, fir déi nei Linn tëscht der Stad a Beetebuerg, d'Modernisatioun vu grousse Stécker vun der Nordstreck, d'Constructioun vum Pôle d'échange zu Hollerech an den neien Arrêt Pafendall/Kierchbierg.
- Am ganzen **826,5 Millioune** léisst de Staat sech 2018 de Fonctionnement vum **ëffentlechen Transport** kaschten.

7. De Staat investéiert och weider **an déi Leit déi keng Aarbecht hunn,** fir hinnen ze hëllefen, op den Aarbechtsmarché ze zréckzefannen :

- Amplaz de Chômage ze finanzéieren investéiert d'Regierung an déi betraffe Mënschen. Et ass richteg, dass de Chômage mat 6% sou niddereg ass, wéi scho laang net méi. Leider sinn bal d'Halschent vun de Betraffenen “Chômeurs de longue durée”, déi et besonnesch schwéier hunn, eng Plaz ze fannen. Dofir huet den Staat verschidden Mesuren geholl, fir hinne geziilt ënnert d'Äerm ze gräifen.
- **D'Reform vum Revis** bréngt mat sech dass de Staat zousätzlech Moyen'en fir **d'Mesures de Réactivation** zur Verfügung stellt. Déi entspriechend Enveloppe geet bis 2021 op **15,9 Milliounen** erop.
- D’ Entreprisen droen och hiren Deel dozou bäi. Den **Accord tëschent dem Patronat an der ADEM** dréit seng Friichten an déngt villen Leit als Sprangbriet zréck an d'Aarbechtswelt. Dëst ass ee gudde Beweis dofir, dass de **Sozialdialog rëm fonctionnéiert**, a konkret Resultater am Intérêt vun de Bierger bréngt.

***D’Liewen besteet net nëmmen aus Aarbecht****. D’Regierung huet dofir net nëmme Mesure geholl, fir dass Beruffs- a Familljeliewe besser laanschtenee kommen, mä investéiert och an de* ***Sport an an d’Kultur*** *:*

8. **Um Gebitt vum Sport** sinn 120 Milliounen Euro fir den **11te Plan quinquennal** virgesinn, dat sinn 20% méi wéi fir dee leschte Plang.

- De Staat investéiert an deem Kader an 33 nei Projeten, dorënner 3 Centres sportifs, 15 Sportshalen an 3 Foussballsterrainen.
- De Staat investéiert ausserdem an den Opbau vum **'Luxembourg Institute for High Performance in Sports'**, deen och als Olympia Stützpunkt dénge soll, en vue vun den Olympesche Spiller zu Tokyo. An dësem Zesummenhang gëtt och den Elitesport weider gefördert.
- D'Verainer - déi wäertvoll Jugendaarbecht maachen -, d'Federatiounen an de COSL kréien 2018 zousätzlech Ënnerstëtzung vum Staat, a kënne sou nei Poste schafen, fir ee besseren Encadrement vun de Sportler.

9. **De Budget vum Kulturministère** geet vun 124 Milliounen dëst Joer op 141 Milliounen 2018 erop. Dat ass eng zolitt Progressioun, a weist den Asaz vum Kulturminister Xavier Bettel a sengem Staatssekretär Guy Arendt.

- Besonnesch ervirhiewen wéilt ech do d’Participatioun 2018 un de Programmer ronderëm dat **europäescht Joer vum Patrimoine culturel**, genee wéi de **Projet Kulturhaaptstad 2022**, fir deen d’nächst Joer 4 Millioune virgesi ginn.
- Als Escher freet mech och besonnesch, dass d’Renovatioun vum **“Musée de la Résistance”** elo endlech an Ugrëff geholl gëtt, 4,5 Millioune sinn dofir virgesinn.

- D’Dotatioun fir **d’Conventiounen mat den Associatiounen** am sozio-kulturelle Beräich ginn 2018 vun 6,7 op 7,2 Milliounen erop.
- Am Sënn vun “Digital Lëtzebuerg” ginn och d’Arbechte virun un der **Digitaliséierung vun den Archiven**, an um **Lëtzebuergeschen Dictionnaire um Internet** (lod.lu) op 5 Sproochen (LU, DE, FR, EN, PT).

10. De Staat **investéiert an d’Sécherheet vun senge Bierger :**

    - **D’Dotatioun fir d’Rettungsdëngschter** geet 2018 staark erop, op ronn 21 Milliounen.
    - Mat 14,7 Millioune bedeelegt sech de Staat un de Käschten vum neien **Gebai vun de Rettungsdëngschter** vun der Stad Lëtzebuerg.
    - **D’Police an aner Secherheetsdéngschter** kréien 2018 iwwer 100 nei Leit bäi.
    - Iwwer 5 Millioune ginn 2018 vun der Police an d’Uschafen vun neiem Material fir **d’Communicatioun, d’Detectioun an d’Kontroll investéiert**; dat ass méi wéi duebel sou vill wéi nach d’Joer virdrun. Och de **Service de Renseignement** kritt weider Moyen’en zur Verfügung gestallt.
    - Lëtzebuerg huet sech am Kader vu sengem internationalen Obligatiounen engagéiert, bis 2020 0,6% vu sengem PIB an **d’Défense ze investéieren**. 2018 geet de Budget vum **Fonds d'équipement militaire** dofir em 60 Milliounen an d’Luucht.
    - 4,4 Millioune ginn an **d’Frontex-Missioun investéiert**, fir d'Baussegrenzen vun der EU ze sécheren.

11. Lëtzebuerg ass awer och **solidaresch mat Bléck op de Rescht vun der Welt**.

- 1% vun eisem Revenu National Brut fléisst an Entwécklungshëllef. 2018 sinn dat 396,3 Milliounen Euro. Lëtzebuerg ass eent vun deene wéinege Länner op der Welt, dat dëse Quota anhält, an doropper däerfe mer houfreg sinn.
- 70% vun där Hëllef loosse mer op direktem Wee, bilateral, deene betraffe Länner an ONGen zoukommen. Déi aner 30% fannen de Wee iwwert de Budget vu multilateralen Organisatiounen an Entwécklungsbanken, an deene Lëtzebuerg Member ass. Och dat dréit zum gudde Ruff vun eisem Land an der Welt, an domatter zum Nation Branding, bäi.
- Leider ass d'Situatioun op enger Rei Plazen op der Welt ëmmer nach sou, dass d'Mënsche vun do musse fortlafen, well se em hiert Liewe fäerte mussen. **Lëtzebuerg iwwerhëlt och do seng Responsabilitéit**, a weist sech solidaresch. De Budget fir den Encadrement vun den "Demandeurs de protection internationale" (de Flüchtlingen) an d'Hëllefen fir hire Retour geet 2018 par rapport zu 2017 em 21,8 Milliounen erop.

12. Zu enger **moderner a solidarescher Gesellschaft** gehéiert och, dass de Staat all Bierger déi an der selwechter Situatioun sinn **d'selwecht behandelt** a keng Form vun Zesummeliewen diskriminéiert.

- An deem Sënn trëtt 2018 den 2ten Deel vun der Steierreform a Kraaft, mat där all Koppel entscheede kann, op si zesummen oder **individualiséiert besteiert** wëll ginn.
- Och gëtt 2018 **d'Besteierung vun de Frontalieren** un déi vun de Résidenten ugepasst. D'Steierverwaltung huet d'Modalitéiten dovunner en Detail op

enger Pressekonferenz d'lescht Woch erkläert, sou dass ech do net méi muss drop zréckkommen.

- Eng grouss Neierung, déi awer nach net an der Steierreform virgesi war, gëtt et 2018 **um Niveau vun den Ierfschaften**, wou mer eng al Diskriminatioun ophiewen. Bis ewell war eng Ierfschaft tëscht Leit, déi matenee bestuet oder gepacst waren nëmmen dann **steierfräi**, wann si gemeinsam Kanner haten. Déi Konditioun wäert vun 2018 un net méi gëllen. Och dat **ass ee Bäitrag zu enger méi gerechter Behandlung vun alle Forme vu Partnerschaft**, grad an Zäiten wou et ëmmer méi recomposéiert Famille ginn.
- **Eng gerecht Steierpolitik heescht ausserdem**, dass déi, déi méi verdéngen, och méi bäidroen. **Dofir reforméiert d'Regierung de Regime vun de Stock-Options**, respektiv de Warranten. D'Zil ass et, de Steiersaz op den Demi-Taux Global ze alignéieren, esou wéi dat an der Regel bei der Besteierung vun de Plus-Valuen de Fall ass. Bei engem Spëtzesteiersaz vun 42% läit deen Demi-Taux Global deemno bei 21%. De System gëtt also méi kohärent a méi gerecht.

**Och wat den institutionelle Kader vum Budget betrëfft, kënne mer weider Fortschrëtter verzeechnen :**

- De leschte Freideg hunn ech zesummen mam President vum "**Conseil national des Finances publiques" eng Konventioun** ënnerschriwwen fir d'Zesummenaarbecht mat dësem onofhängege Gremium besser z'encadréieren a fir dem CNFP déi néidegen Ressourcen zur Verfügung ze stellen, fir dass des jonk Institutioun seng Missioun kann erfëllen.
- Donieft ass dëser Deeg de Règlement grand-ducal a Kraaft getrueden, mat deem de fréiere "**Comité de Prévision" duerch de sougenannten "Comité économique et financier national"** ofgeléist gëtt.
- E kritt domat e méi transparenten a formelle Kader fir seng Aarbecht weiderzeféieren.
- Heimat setze mer nët nëmmen eng weider Zilsetzung aus dem Regierungsprogramm ëm, ma kommen och enger **laangjäreger Fuerderung vun der Chamber** an aneren Acteure no.

Zu enger moderner Budgetspolitik gehéiert och sécherzestellen, dass **d'Steierverwaltungen d'Moyen'en** hunn, déi se brauchen, fir hier Aarbecht gutt an efficace ze maachen.

  - An deem Sënn wäert de Regierungsrot nach dëse Mount ee Projet de Loi unhuelen, fir **d'Administration de l'Enregistrement et des Domaines** grondleeënd ze moderniséieren.
  - Um Niveau vun der **Administratioun vun den Direkte Steieren** huet d'Regierung schonn d'lescht Joer ee Projet ugestouss fir d'Steierverwaltung

komplett nei ze informatiséieren, an domat an d’21t Jorhonnert ze hiewen. Déi Aarbechte komme gutt virun.

- D'nächst Joer solle béid Administratiounen dann och beim Personal staark opgestockt ginn. **100 Posten sinn dofir bei der Administration des contributions directes virgesinn, an 20 beim Enregistrement**.

Wat fir d'Steierverwaltunge gëllt, gëllt **och fir déi aner Servicer beim Staat**. Fir de villen internationalen Aufgaben nozekommen, an heiheem d'Bierger weider gutt ze zerwéieren, wäert de Staat 2018 **am ganzen 533 nei Poste schafen.**

Dobäi kommen dann **<u>zousätzlech</u> iwwer 500 nei Posten am Enseignement** an an der Kannerbetreiung, vun deenen ech scho virdru geschwat hunn.

## III. Wat sinn d'Zuelen, déi ënnert dem Strëch erauskommen ?

Här President,

Dir Dammen an dir Hären,

Ech kommen dann elo bei den 3ten Deel vu mengem Exposé : d'Analyse vun den Zuelen an hirem Ensembel.

Wéi der wësst deelen sech d'Staatsfinanzen no SEC 2010 an 3 Beräicher op :

- d'Admimistration Centrale, also den Zentralstaat;
- d'Gemengen;
- an d'Sécurité Sociale.

Ech wäert lo kuerz op all eenzelnen vun deene Beräicher agoen, an dann d'Vue d'ensemble weisen, um Niveau vun der Administration Publique.

Wann der dat alles herno um Internet, um USB Stick oder an der gedréckter Versioun noliest, gesitt der, dass **d'Presentatioun vum Budget** op deene Punkten dëst Joer **nach méi kloer** ass wéi déi d'Joren virdrun.


D'Texter sinn net méi an 3 Volumen, mä nach just an 2 Volumen zesummegefaasst. Grad am 2te Volumen, dem Budget Pluriannuel, gouf ee besonneschen Effort gemaach, fir den Iwwergang tëscht den Zuelen no de Regelen vun der lëtzebuerger

Comptabilitéit op där enger Säit, an den europäesche Regelen no SEC 2010 op där aner Säit, nach besser ze erklären a méi transparent duerzestellen.

## A. Administration Centrale

### 1. Fänke mer un mat den Dépensen :

Am Total sinn dat 18,2 Milliarden. Wéi deelen des Dépensen sech op ?




Répartition des dépenses de l'administration centrale suivant leur nature écomomique (EUR / SEC 2010)

**1)** Dee gréissten Deel vun den Dépense vum Staat sinn Transferten un d'Sécurité Sociale, Sozialleeschtungen, Subsiden, an aner Transferts de

Revenus : zesummen **8,7 Milliarden Euro**, also **bal d'Halschent vun allen Dépensen**.

Hei si mer also an der **Kontinuitéit vun de Jore virdrun**, wou d'Solidaritéit nach ëmmer grouss geschriwwe gouf.

All des Elementer zesummegeholl weisen, dass des Regierung et eescht mengt, wann se vu Solidaritéit an Zesummenhalt an der Gesellschaft schwätzt.

**2)** Deen nächste grousse Posten ass dee vun de **Rémunératiounen**, 4,1 Milliarden; +118,4 Milliounen. D'Progressioun läit hei op 5 Joer gekuckt iwwer d'Period vun 2016 bis 2021 an der Moyenne bei 5% d'Joer. Trotzdem bleiwen des Käschten mat ronderëm 7% vum PIB och am europäesche Verglach op engem ganz raisonnabelen Niveau.

**3)** Direkt duerno kommen **d'Investissementer** mat <u>2,365 Milliarden</u> Euro. Dat sinn 4,1% vum PIB oder 13% vun allen Dépense vum Staat, wat am europäesche Verglach enger vun deenen héchste Quoten entsprécht. Iwwert déi ganz Period bis 2021 bleift den Invest op engem héijen Niveau.

**4)** Réischt duerno, op der 4ter Plaz, kommen **d'Fonctionnementskäschten ("consommation intermédiaire")**, mat 1,4 Milliarden. Op d'Period vun 2016 bis 2021 gekuckt wuessen se wäit manner wéi den Duerchschnëtt vun deenen aner Dépensen, a leien och am europäesche Verglach mat manner wéi 2,5% vum PIB op engem ganz nidderegen Niveau.

Des Evolutioun weist, dass d'Mesuren, déi d'Regierung geholl huet wierken, an d'Fonctionnementskäschten am Grëff sinn.


**5)** De 5t gréisste Posten an eisem Budget vun der Administration Centrale, mat 1,2 Milliarden, sinn **d'Transferten un d'Gemengen**.

**6)** Dee leschten, <u>an och klengste Posten</u> sinn **d'Zënsen op der Staatsschold**. Déi leien 2018 mat 181 Milliounen souguer nach liicht ënnert dem Niveau vun dësem Joer. Dat läit zum engem dorunner, dass mer déi existent Schold zu méi nidderegen Tauxen wäerten refinanzéiere kënnen; zum aneren, dass déi Schold nëmme moderat wäert viru wuessen.

Och des Zuel muss een an hire Kontext setzen. 181 Milliounen, dat sinn 1% vun den Dépensen vun der Administration Centrale, an 0,3% vum PIB. Fir 2021 wäert d'Zënslaascht souguer op ronn 150 Milliounen oder 0,8% vun de Dépensen an 0,2% vum PIB erofgoen. Och heirunner gesäit een, dass d'Scholdespiral nohalteg gebrach ass, an d'Schold sech **op engem ganz raisonnabelen Niveau** beweegt.

## 2. Komme mer dann elo zu de Recette vum Staat

Fir d’nächst Joer rechne mer mat **17,3 Milliarde** Recetten.




1) De gréissten Deel dovunner kënnt aus den direkte Steieren, déi d’Leit an d’Entreprisen bezuelen, dat sinn **7,9 Milliarden. Dat heescht trotz der Steierreform ee Plus vun 4,8%** géintiwwer 2017.

Déi aktuell Zuele weisen iwweregens, dass den Impakt vun der Steierreform op de Budget ganz no bei deem läit, wat ech iech d'lescht Joer ugekënnegt hat (373 Milliounen dëst Joer, 502 Milliounen 2018, an all Kéiers 524 Milliounen an de Joren 2019 an 2020).

D'EU Kommissioun gesäit dat d'selwecht a schreift : *"Public finances are projected to remain strong in spite of the tax-decreasing reform."*

2) Och déi **indirekt Steieren**, déi deen 2t-gréisste Posten ausmaachen, entwéckelen sech weider positiv. Mir rechnen fir 2018 mat **6,8 Milliarden, oder 5,7% méi wéi 2017**.

Des op den éischte Bléck positiv Entwécklung soll awer net doriwwer wechtäuschen, dass mer weider um Wechfale vun der TVA um e-commerce knaen.


Säit 2007 war gewosst, dass Lëtzebuerg progressiv op des Recetten verzichte misst, well déi Europäesch Regelen entspriechend geännert hunn. Bis 2014 konnt Lëtzebuerg 100% vun all deene Recetten halen. 2015 an 2016 waren dat nach just 30% an 2017 an 2018 hu mer nach just 15% zegutt. Vun 2019 un näischt méi.

Wa mer dësen Ausfall vu ronn enger Milliard net hätten, oder wa scho méi fréi no Alternative gesicht gi wär, dann hätte mer schonn dëst Joer ee kräftegen Iwwerschoss bei der Administration Centrale.

3) Mat den direkten an den indirekte Steieren si schonn 85% vun alle Recetten ofgedeckt. De Rescht sinn Sozialbäitreeg, Recetten vun den Etablissements publics, Betriber, un deenen de Staat bedeelegt ass, an anere Propriétéite vum Staat, Loyeren, an divers Revenuen. Zesummen sinn dat **2,4 Milliarden**. Och hei si mer an der Kontinuitéit vun de leschte Joren.

## 3. <u>Komme mer elo zum Solde vun der Administration Centrale</u>

Evolution du solde de l'administration centrale




En chiffres absolus et % du PIB

De Solde vun der Administration Centrale läit 2018 bei -890 Milliounen.

*Wou kënnt dee Minus hier ?*

**D'Recetten wuessen em 4,6%. D'Dépensen em nëmmen 4,4%.** Dat ass een Zeeche vun enger gesonder Finanzpolitik, a vun zolitte Staatsfinanzen. Déi Tendenz gëllt iwweregens net nëmmen fir 2018, mä fir d'ganz Period bis 2021, wou d'Moyenne bei +4,8% bei de Recetten an +4,7% bei den Dépensen läit.

Ech hunn iech virdru gewisen, dass knapp **d'Halschent vum Budget Sozialtransferte** sinn, an dass **d'Fonctionnementskäschten absolut am Grëff sinn**.

Den Defizit erkläert sech deemno virun allem **duerch déi héich Investissementer**.

An anere Wieder : **fir 2018 een Iwwerschoss auszeweisen géif et duergoen, d'Investissementer em een Drëttel ze kierzen.**

Ech weess, dass et Leit heibanne ginn, déi dat wéilte maachen. Ma da sollen si hire Wieler erklären, bei wéi eng Projeten dass se kierze géifen. Wéi eng Schoul, wéi ee Wunnengsprojet, wéi eng Strooss, si net baue géifen. Op se léiwer bei de Kanner, de jonke Famillen, oder bei de pensionéierte Leit spuere wëllen.

**Wann et sou einfach wär**, dann hätt ech dat scho selwer gemaach. Ech sinn awer zur Conclusioun komm, dass all déi Investissementer, déi gemaach ginn, néideg sinn.

Lëtzebuerg huet ze laang net genuch investéiert, an dat muss lo nogeholl ginn. **Lëtzebuerg brauch keng kuerzsiichteg Austeritéitspolitik, mä eng laangfristeg ausgeriichte Politik,** déi d'Investitiounen héich hält, fir d'Land op d'Zukunft virzebereeden. Sou leeë mer haut de Grondsteen vun de Recetten vu muer.


**An dat fonctionnéiert**. Déi aktuell Projektioune weisen, dass den Defizit 2018 an der Administration Centrale 127 Milliounen ënnert deem läit, deen nach am Abrëll vun dësem Joer (am PSC) virgesi war. Den Defizit bleift kloer **ënnert enger Milliard**. An e wäert iwwert déi nächste Joren progressiv weider erofgoen. 2021 wäerte mer mat engem projezéierte Minus vun nach just 89 Milliounen erëm **bal den Equiliber erreecht** hunn.

D’Richtung stëmmt also, mä mir mussen, wéi déi lescht Joren och schonn, **d’Ausgaben weider am Grëff halen**.

Wie manner Defizit mécht, brauch och **manner léinen ze goen**.

- **D'Staatschold** läit aktuell bei 12,9 Milliarden Euro. Ronn 11 Milliarden dovunner hu mer **vun der viereschter Regierung geierft** !
- An deenen 5 Joer tëscht 2014 an 2018 wäerte mer iwwer 10 Milliarden investéiert hunn. Dovunner sinn **iwwert 3/4 mat lafende Recetten bezuelt ginn, a manner wéi 1/4 iwwer Prêten.** Bis 2021 wäerten nach emol bal 8 Milliarden zousätzlech investéiert ginn, wat mat sech bréngt, dass d'Schold entspriechend op 14 Milliarde klamme kéint. Dobäi muss een awer och soen, dass dat hei **just Héichrechnunge** sinn, an d’Erfahrung vun deene leschte Jore weist, dass mer an der Regel ënnert deenen Estimatiounen erauskommen.
- 2018 wäerte mer och **700 Millioune rembourséieren**, an 2 Tranchen vun 500 an 200 Milliounen, well déi entspriechend Emprunten dann auslafen.


Am **Verhältnis zum PIB -eisem national Räichtum- geet d'Staatsschold** trotz den héijen Investissementer progressiv weider erof, vun 22,7% vum PIB dëst Joer op 21,6% 2021. Dëst weist, dass Lëtzebuerg anescht wéi verschidden aner Länner net iwwert senge Verhältnisser lieft, an dass **d'Scholdespiral nohalteg gebrach ass**.




Évolution de la dette des administrations publiques (chiffres absolus et en % du PIB)

Den **europäesche Verglach** seet méi wéi 1000 Wieder :

2018 wäert d'Schold zu Lëtzebuerg bei 22,7% leien; an Däitschland bei 63,3%, a Frankräich bei 96,7% an an der Belsch bei 105%. D'Moyenne an der Euro-Zone läit bei 89,5%. Mir stinn am Verglach also excellent do.



## B. Gemengefinanzen ("Administrations locales")

D'Entwécklung vun de Gemengefinanzen schreift sech an d'Kontinuitéit vun de leschte Joren an. Iwwer déi ganz Period bleiwen d'Solden hei am positive Beräich, mat engem Plus vu ronderëm 200 Milliounen oder 0,3% vum PIB pro Joer. Hei erkennt de positiven Impakt vun der Reform vun de Gemengefinanzen.

## C. Sécurité Sociale

Hei gesi mer déi selwecht Tendenz, wéi déi, déi ech schonn um Niveau vun der Administration Centrale beschriwwen hunn, nämlech eng nette Verbesserung par rapport zu de Previsioune vun deene leschte Joren. D'Recetten leie konstant iwwert den Dépensen, wat iwwert déi ganz Period tëscht 2018 and 2021 zu engem Iwwerschoss an der Gréissenuerdnung vu ronn enger Milliard d'Joer féiert.


Dës gesond Situatioun vun eiser Sécurité Sociale steet **am direkten Zesummenhang mat der gesonder Wirtschaft**, an den neien Aarbechtsplazen, déi all Joer geschaf ginn.

Déi Leit, déi fir manner Wuesstem plädéieren, musse wëssen, dass dat zu manner Recetten, an domatter zu engem **méiglechen Defizit** um Niveau vun der Sécurité Sociale féiere géif.

## D. Administration Publique

An der Administration Publique hate mer dës ganz Legislaturperiod, nach net een Defizit. An dat wäert och an Zukunft sou bleiwen. Vun 2018 bis 2021 wäert all Joer een **zolitten Iwwerschoss** geschriwwe ginn, an dee geet progressiv an d'Luucht, vun 333 Milliounen oder 0,6% vum PIB am Joer 2018 op iwwer eng 1,1 Milliard oder 1,7% vum PIB am Joer 2021.


Evolution du solde de l'Administration publique
(SEC 2010)




Évolution du solde de l'administration publique (chiffres absolus et en % du PIB)

Lëtzebuerg steet domatter wäit besser do wéi seng Nopeschlänner a gehéiert en Fait zu den Top 3 an der EU.


Evolution du solde des administrations publiques




Chiffres en % du PIB

Wat lo de Solde structurel an den **Objectif à Moyen Terme** (OMT) ugeet, sou huet d'Oppositioun do d'lescht Joer jo Polemik gemaach, well d'Regierung deen, sou wéi vun der Europäescher Kommissioun proposéiert, op -0,5% erofgesat huet.

Ech hu schonn deemools erkläert, dass et guer net dorëms goung, fir dee Spillraum ganz auszenotzen, mä au contraire **ëmmer genuch Marge** ze halen, fir zu all Zäitpunkt déi **europäesch Kriterien vum Stabilitéits- a Wuesstumspakt** ze erfëllen.




Évolution du solde structurel (en % du PIB)

Haut gesi mer, dass och dat richteg war. De Solde structurel läit iwwert déi ganz Period all Joer **wäit iwwert der Limit vun -0,5%**. 2018 an 2019 läit en knapp ronderëm 0%, fir dann 2020 op 1% an 2021 op 2% eropzegoen.

## **Presentatioun no der Comptabilité de l'Etat**

Well d'Gesetz dat sou verlaangt, well ech iech awer och nach d'Zuelen no de Regelen vun der Comptabilitéit vum Staat nennen, och wann déi **ee manner komplett Bild** ofginn wéi déi no SEC 2010, no deenen ech de Rescht vu mengem Exposé gemaach hunn :

| | 2017 | 2018 | 2019 Prévisions | 2020 Prévisions | 2021 Prévisions |
|---|---|---|---|---|---|
| **Budget courant** | | | | | |
| Recettes .......................... | 13.153,7 | 13.981,1 | 14.874,8 | 15.733,3 | 16.617,6 |
| Dépenses ........................ | 12.701,0 | 13.374,5 | 13.951,1 | 14.504,5 | 15.127,9 |
| Excédents ....................... | +452,6 | +606,5 | +923,7 | +1.228,8 | +1.489,7 |
| **Budget en capital** | | | | | |
| Recettes ......................... | 90,2 | 83,5 | 83,6 | 83,7 | 97,0 |
| Dépenses ........................ | 1.393,8 | 1.635,3 | 1.812,4 | 1.827,1 | 1.829,0 |
| Excédents ....................... | -1.303,6 | -1.551,8 | -1.728,8 | -1.743,4 | -1.732,0 |
| **Budget total** | | | | | |
| Recettes .......................... | 13.243,9 | 14.064,5 | 14.958,4 | 15.817,0 | 16.714,6 |
| Dépenses ....................... | 14.094,9 | 15.009,8 | 15.763,5 | 16.331,6 | 16.956,9 |
| Excédents ....................... | -851,0 | -945,3 | -805,1 | -514,6 | -242,3 |

Note : les chiffres de ce tableau sont exprimés en millions d'euros.

2018 wäerte mer **am Budget courant een Excédent vun +606,5 Milliounen hunn**, an am **Budget en capital een Defizit vun -1,5 Milliarden**, wat zesumme geholl een Defizit vun -945 Millioune gëtt.

Hannert deene Zuele gesäit een ganz kloer déi Tendenzen, déi ech scho virdru beschriwwen hunn, nämlech :

1) **D'Käschte sinn am Gréff**. Dofir hu mer schonn 2018 ee kräftegen Iwwerschoss am Budget courant, dee schonn am Joer 2020 iwwert enger Milliard leie wäert, an 2021 no un annerhallef Milliarden erukomme wäert.

2) Den Defizit ass haaptsächlech op déi **héich Investissementer** zeréckzeféieren, dofir fënnt een en hei och um Niveau vum Budget en capital erëm. **Dat ass ee Choix, deen d'Regierung assuméiert**.

3) **D'Evolutioun iwwer d'Zäit ass positiv,** an den Defizit geet vun -945 Milliounen am Joer 2018 op -242 Milliounen am Joer 2021 erof. Dat heescht e gëtt bal duerch 4 gedeelt, an dat **ganz ouni Austeritéitsmesuren**.

## IV. Conclusioun : Wat sinn d'Perspektiven ?

D'Kris läit hannert eis, an eis Staatsfinanzen stinn erëm op zolitte Féiss.

De Statec geet aktuell fir 2018 vu **manner Wuesstem** aus, wéi en dat nach am Fréijoer gemaach huet. Och d'Previsiounen wat de Wuesstem vun der **Populatioun** ugeet sinn **no ënne revidéiert** ginn.

An <u>awer</u> presentéieren sech d'Zuelen fir de Budget vun deenen nächste Joren **besser wéi nach d'lescht Joer virausgesot**.

*Wéi ass dat méiglech ?*

Dat läit virun allem dorunner, dass d'Regierung **mat Zäit strukturell Reformen** ëmgesat huet an eng **laangfristeg ausgeriichten a responsabel Budgetspolitik** an d'Wee geleet huet, déi haut hier Friichten dréit.

Wann een de Budget pluriannuel vum Joer 2016 mat dem Programme de Stabilité et de Croissance vun dësem Fréijoer an dem Budget pluriannuel fir d'Joren 2018 bis 2021 vergläicht, da gesäit een, wéi **d'Situatioun sech progressiv verbessert** huet.

2017 an 2018 wäerte mer bei der Administration Publique ronn 200 Milliounen Iwwerschoss méi ausweise kënnen wéi d'lescht Joer geplangt; 2019 och bal 200 Millioune méi; 2020 bal 400 Milliounen. 2021 wäert den Iwwerschoss iwwert enger Milliard leien, an domatter den **héchste Stand säit 2008** erreechen.

Déi **positiv Tendenz ass also méi wéi kloer**.

Den Defizit an der Administration Centrale wäert vun 890 Milliounen am Joer 2018 op 89 Milliounen am Joer 2021 erofgoen. Dat ass dann deen **niddregste Stand säit 2008.**

De Scholdestand wäert 2018 bei 21,6% leien, wäit ënnert der Limit vun 30% déi d'Regierung sech gesat hat.

D'Avoiren an eisem Fonds Souverain wäerten 2018 iwwer 240 Milliounen ugewuess sinn.

Lëtzebuerg huet also **rëm ee gewësse Spillraum a Reserven opgebaut. Mä mir sinn nach net um Zil vun eise Beméiungen ukomm a musse weider virsiichteg bleiwen a Fouss beim Mol halen,** fir och an Zukunft op eventuell nei Krisen oder onerwaarten Evenementer reagéieren ze kënnen.

Déi positiv Tendenz, déi een awer gesäit, ass ëmsou méi remarquabel, wann ee weess, dass mer gläichzäiteg d'Perte vu ronn enger Milliard Recetten aus der TVA um Commerce électronique hu kompenséieren missen, mat der Steierreform den Entreprisen an de Bierger rëm méi Spillraum verschaf hunn, a gläichzäiteg d'Investissementer op engem Rekordniveau gehalen hunn, am Intérêt vun der Liewensqualitéit vun de Leit an der d'Kompetitivitéit vun de Betriber.

Trotz dësen Erausfuerderungen ass Lëtzebuerg dat eenzegt Land an der Eurozone, wat d'Kriterien vum Stabilitéit- a Wuesstemspakt ëmmer respektéiert huet, a wäert dat och an Zukunft bleiwen. Lëtzebuerg ass a bleift een europäesche Musterschüler. Dat kënnt der och am **Projet de Plan Budgétaire** noliesen, deen d'Regierung leschte Freideg ugeholl huet, an dee demnächst op Bréissel schécke wäerten.

<u>Um Enn vun dëser Legislaturperiod wäerten eis Staatsfinanzen **däitlech besser** do stoen, wéi dee Moment, wou des Regierung ugetratt ass.</u>

**Wat awer méi wichteg ass wéi d'Zuelen, sinn d'Leit**. Dëse Budget weist, dass d'Regierung konkret Mesuren hëlt, fir d'Liewesqualitéit vun de Bierger hei am Land iwwert déi nächst Joren weider ze verbesseren, a grad deene schwaachsten an eiser Gesellschaft ënnert d'Äerm ze gräifen.

Net all Problemer loosse sech vun engem Dag op deen aner léisen.

Mä wann ech d'Beispill huele vun enger jonker Koppel, an da kucken, wéi een Ënnerscheed dat fir si mécht, dass si kann méi flexibel vum Congé parental profitéieren a fir hiert Kand do sinn, an dass si um Schluss vum Mount méi am Portmonni iwwereg huet, well mir eng sozial gerecht Steierreform gemaach hunn, eng gratis Kannerbetreiung agefouert hunn, an de Staat an Zukunft d'Käschten fir d'Schoulbicher iwwerhëlt, dann ass dat ee Resultat iwwer dat mer eis all zesumme freeën däerfen.

Ech soen iech Merci.